

WANDROUS

N° 331 Chrëschtmount / Haartmount 2010
décembre / janvier



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätzt och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuert hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouter weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméisseg Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënn gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstез och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwwert en émolegen oder regelméisseg Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!




Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Wandrous Publicitéit



Waat brauchst Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Chrëschtcamp fir Beaver & Wëllef



Bonjorno

Moien

Hoi Salut

Alloa

Bonjour

Hello

Are you ready for a trip around the world?!

Wolls de schon emmer eng keier eng Weltrees maan, dei aaner Länner gesinn an hier Kulturen kenneleieren? Nierwt eisem klengen letzebuerger Ländchen gett et nach ganz vill ze gesinn, an mat eis den Lions Bleus, hues och du d' Meiglechkeet dest ze maan! Egal obs de Beaver oder Wellefchen bass, du wäerts en flotten Camp erlierwen. Wanns du interesseiert bass, dann zèck net laang an mell dech direkt bei dengem jeweilegen Chef un :)

- Wien: fir **Beaver** an **Wëllef**
- Weini: **18.-20.Dezember 2010**
- Rendez-vous: 18.Dezember 2010 um 14:00 Auer op der Stadter Gare
- Retour: 20.Dezember 2010 um 17:00 Auer op der Stadter Gare
- Material: dem Wieder ugepassten Kleeder, deck Schong, Schlappen, Wäschsaachen, fresch Ennerwäsch/Stremp, Schloofsaack, Täschenluucht, Gamelle&Kichenduch, dem Wellefchen seng 5 Saachen,... **Jumbos-kaart** oder EGO-Kaart
- Präiss: **32 €** sinn bis den 10.Dezember 2010 op de Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. Meute
(CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000)
mat der Mentioun : Krëschtcamp + Numm vum Kand ze iwwerweisen



Beaverklack & Wëllefcherscheffen



Heimat erlaaben ech.....mengem
Zukünftegen Touristmat op
d'Weltrees vum 18.-20.Dezember 2010 ze goen.

.....
Ennerschrëft vun den Elteren

Chrëschtcamp 2010 Scouten + Explorer

MAKE PEACE, NO WAR!

FLOWER-POWER

Guitar, Musik, Farwen, Frennschaft

,ausgefaalen, opfällesch, relaxen, luesen Rock, Fridden, verréckt, lang Hooer, PEACE, Liederboxen.....

Un wat denks du wanns de dat Wuerd HIPPIE heiers???

Bestemmt och chill beim Feier setzen an d'Liewen geneissen :)

An all deng Kollegen eng keier an den Aarm huelen :)

Mee awer och en richtig coolt Nuechtspill machen ganz am Hippistyle :)

An deng ganz verreckten Talenter entdecken :)

Richtig Rockesch Faarwesch Kleeder :)

Wells du sou en Camp erliewen? Drei Deeg dech wei een Hippie fillen?

Drei Deeg einfach nemmen Liewen mat dengem Scoutskollegen geneissen?

Dann komm op den ultimativen

Hippiechrëschtcamp :)



Rendez-vous? 18.12.2010 op der Gare Centrale (Auerzeit kritt der nach matgedeelt)

Retour? 20.12.2010 op der Gare Centrale (Auerzeit kritt der nach matgedeelt)

Wichtig Saachen: !Um Treffpunkt soll jiddereen een Accessoire am Hippistyle unhun!, warmen Schloofsaack, warm Kleeder (Wanterjacket, Flies, Thermoennerwesch ass nie schlecht!, Biergschong...)

Suen? W.e.g. 30€ bis den 5 Dezember op den Explorerconte iwwerweiesen

IBAN Lu49 1111 2324 7361 0000



Heimat erlaaben ech
mengem Scout/Guide/Explorer/Explorette

Op den Chrëschtcamp matzegon.

Ennerschreft:



Techuana 2011

Techuana 2011



TECHUANA 2011

“Der Berg ruft”



Elterenversammlung:

Den 15. Dezember 2010 um 19:15 Auer am Home vun den Lions Bleus.


Fir déi Leit déi matginn...

(Sam, Samuel, Ludovic, Nicolas, Claude, Eric, Soa, Tahr, Tameng, Paco, Grizzly, Max, Ketty, Chouch, Maki, Manul, Anne, Kodiak, Nandu, Tamia & Laska)

Dës Versammlung (fir Participants & Elteren) ass obligatorësch fir jiddereen dien matgeet an TECHUANA 2011. D'Versammlung ass fir Ierch all d'Informatiounen iwwer den Camp weiderzeginn, är perséinlech Mapp auszedeele an dat dir nach Froën kënt stellen.



“Mir freen eis schon op den Schnéi!
d'LBB Schnéihuesen”



Schwammsortie

Fir Beaver



Well mer jo alleguerten wëssen dat d'Beaver am Waasser liewen, wëllen mir lo mol eis Besch probéieren, fir hinnen daat nozemaachen. Dofir ginn mir dann all zesummen op eng flott Schwammsortie an mir hoffen dats du matkënns!

Départ&Retour? 22.Januar 2011 um 14:00 & 17:00 Auer virun der Schwemm zu Niederanven

Waat muss de matbréngen?

Schwammsachen, Seef/Shampoing, Buedduch an wann néideg déng Schwammärmercher..

Präiss? 5 Euro, sinn matzebréngen op d'Sortie selwer.

Souche? Ass oofzeginn bis den 15. Januar 2011.

Beaverklack

Miti, Lena & Nora



C.N.I. Syrdall Schwemm

3, Routsched | L-6939 Niederanven | Luxembourg

(direkt hannert dem Centre Commercial "Les Arcades" 141, route de Trèves, L-6940 Niederanven)



Heimat erlaaben ech.....mengem schwëmmerëch talentéierten Beaver
.....mat op d'Schwammsortie den 22. Januar 2011 op Niederanven matzekommen.

Ëmnerschrëft vum Responsabelen.....

Schwammsortie fir Wëllef



Blubb Blubb maachen
maachen och gleich d'Wëllefcher

d'Fësch, mais Blubb Blubb
rëm! Well'ët gët erëm héisch Zäit
fir mol alleguerten zesummen an d'Schwämm ze goën, fann der nët? Tauchen, schwammen,
rutschen...aiiiieeeee! Daat gët dach flott! An wanns du och esou eng kleng Waasserraat bass
wéi mir, an rëm wëlls en Daach mat dengen Kollegen an der Schwämm verbréngen dann
vergiess nët dech unzemellen an d'äin Schwammbrell anzepacken!!

Wou? Zu Stroossen an der Piscine "Les Thermes"
Weini? 22. Januar 2011

Rendez-vous? 22. Januar 2011 um 14:30 Auer virun der Entrée vun der Piscine
Retour? 22. Januar 2011 um 17:00 Auer kënnen Elteren hier Kanner nees
virun der Piscine oofhuelen.

Waat brauch ech: alles waat een eben sou mat an Piscine hëllt...Bued-
duch, Schwammbox, Seef & Shampoing, Schwamm-
ärmercher....



WICHTEG: 2,50 €, fir den Entrée an d'Piscine
Nët vergiessen!!!



Är Cheffenéquipe:
Chouette, Tahr, Charel, Sophie, Prunelle & Claude

Ech erlaaben heimat mengem Wëllefchen
..... den 22. Januar 2011 mat op déi
wonnerschéin an extracool Schwammsortie op Stroossen matzegoën.



.....
Ënnerschrëft vum Responsablen

Assemblée générale Lbb fir jidferreen



Mir lueden häerzlech all ons Memberen (Scouten, Guiden, Explorer, Rover, Amicale*), Elteren (Mammen, Pappen), Frënn, Bekannten souwéi ons "Amis des Lions Bleus" an op on

Assemblée Générale 2011

vun der a.s.b.l. Les Lions Bleus Bonnevoie
déi Freidesowes, den 28. Januar 2011
am Home vun den Lions Bleus,
op 61 rue de Pulvermühl,
ofgehalen gët.

Ufank ass pénktlech um 19:30 Auer

Wéi all Joër fréën mir ons iwwert Är Präsenz an wärten ons all Méi gin dës Assemblée sou interessant wi méiglech ze gestalten.

Programm

- 1) Begréissung an Usproch vum Här President
- 2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
- 3) Rapport vum Här Késsier
- 4) Virstellung vum Budget 2011 - 2012
- 5) Rapport vun dénen Dammen an Hären Késsenrevisoren
- 6) Bestëmmung vun den Késsenrevisoren fir d'Joër 2011 - 2012
- 7) Rapport vun den Activitéiten vum Scoutsjoër 2010
- 8) Erneierung vum Conseil d'Administration
- 9) Verschiddenes an Gemësches

No der Versammlung huët den Conseil d'Administration den Pléséier lech op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzulueden. Häibäi ergët sech och nach d'Méiglechkéit vir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

*** All déi Actif Memberen sin gebieden an kompletter Wanteruniforme ze kommen!**

Fuesweekend fir Wëllef



Lo heescht et gläich nees:
 Und dann die Hände zum Himmel, kommt lasst uns
 fröhlich sein! YUPPPIII!
 Vill schéin Verkleedungen, vill schéin an och mander
 schéin Musék, gudd vill Kamellen & su weider an su
 weider... An jo dir hudd et erooden, gläich maachen
 d'Wëllef rëm sou eng Fuesparty!!!
 Dann geht et ab am Home vun den Lions Bleus!!!
 Awer natirlech och nëmmen wann gudd vill Wëllefcher
 kommen. Et wär jo schued wann d'Cheffen missten zu 6
 ganz alleng eng Fuesparty feiern :(..
 An dofir mell dech ganz ganz séier un fir op die
 MEGAimmensCOOLan SUPERextraFLOTT Fuesparty :)

Weini? 12.-13.Februar 2011
Rendez-vous? 12.Februar 2011 um 14:00 Auer beim Home
Retour? Leider schons färdeg den 13.Februar 2011 um 17:00
 Auer beim Home.
 (mee keng Angscht daat Joër drop ass jo och nees Fuesend:)

Daat WICHTEGST waats de solls matbréngen ass:
 --> déng Verkleedung & gudd LAUN:)

Präiss? 15 Euro, sinn op den Meutecompte ze be-
 zuelen(CCPL IBAN Lu64 1111 2581 2205 0000)

Waat brauch ech nach: Schloofsaack,
 Gamelle, Kichenduch, Pijama, Wäsch-
 saachen, dem Wieder ugepassten
 Kleeder...



Är Cheffenéquipe:
 Chouette, Tahr, Charel, Sophie, Prunelle & Claude

Echerlauben heimat mengem Fuesboock
vum 12.-13. Februar 2011 um
 Ultimativen Fuesweekend an der PARTY zu Bouneweg deelzehuelen.

 Ënnerschrëft vum Responsablen



Souche Techuana 2011



„Der Berg ruft“

jo et as erëm sou wäit, mir gin dëst Scouts-Joer erëm an Techuana. Du frees dech ouni Elektresch, ouni Heizung an fléissend Waasser ze liewen dofir awer ganz vill Holz ze maachen („et get nimols Duer, Dier zou“) Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipiste ze verbréngen, einfach Wandern oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazlucht an net ze vergiessen onsen remake vun dem sensationnelen Erlebniswanderweg? Dann as daat héi genee daat richtig fir dech, méll dech sou schnell wéi meiglech un well du wes
jo: d' Plazen sin limitéiert!!!!

Wee ka mat goen: jidderén dén bis den 01.09.2010 14 Joer krut huet

Rendez-vous: 18. Februar 2011 um 18.30 Auer am Home vun de Lions Bleus

Zrëck 27. Februar 2011 um 11.00 Auer am Home vun de Lions Bleus

Präis: Mir maachen daat och erëm wie daat lecht Joer, mir splecken de Preis op! Daat heescht 250 Euros vir Transport, lessen, Sauna a Schwammen. Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 150 Euros vir de Skipass bezuelen an vir déijéng déi nach Material musse lounen mussen nach 100 Euros bezuelen.

Am Kloertext:

Déi Léit déi just gäeren Spadzéiren, lessen, Schwammen gin bezuelen **250** Euros.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren, an hirt égen Skimaterial hun bezuelen **400** Euros.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren, an Skimaterial op der Plaz lounen mussen, bezuelen **500 Euros** bis den 01.02.2011 mat der Mention "Techuana 2011". D'Geld ass ze lwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“


Täschegeld: dest Joer gin och 50 Euros duer

Material: Schlofsack (waarmen), Carry-Matt, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox (virdéi die eng hun), 2 puer Händschen, eng Mutz, en Schaal, Turnsclappen, déck Schong, Schwammsachen (déi an d' Sauna gin sollen 2 Dicher mathuelen), Wächsachen, Bidon, Tächelucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dén an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sin, an fir an d'Schwemm, a.s.w.....)

Elternversammlung: Vir déi Leit déi matgin as déi Versammlung obligatoresch. Si as Mëttwochs den 15. Dezember 2010 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Do kris du dir och dein perséinlechen Dossier mat der Fiche Médicale an do kennt och nach d'Kopie vun der Impfkart, d'Polizeilech Erlabnis, d'Kopie vun der Krankenkeesmatricule an d'Kopie vun der Carte d'Identité oder Pass dran.

Des Souche muss du och oofgin wëll soss bas du net officiel ugemëllt!!!


SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech erlaben mengem Scout, Explorer, Rover

.....

mat um TECHUANA-Wantercamp 2011 deelzehuelen.
D'Souche as sou schnell wei méiglech bei dengem
Chef ofzegin, **well d'Plazen sin op 20 Scouten limiteiert !!!!!**



.....

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Programm Beaver

Den Beaver - Programm



DEZEMBER

- 3. Kleeschen
- 4. keng Versammlung (Rover-Weekend)
- 11. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 18.-20. KRËSCHTCAMP
- 25. keng Versammlung --> Vakanz

JANUAR

- 1. keng Versammlung --> Vakanz
- 8. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 15. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 22. SCHWAMMSORTIE
- 28. ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LIONS BLEUS
- 29. Beaverversammlung 14:00-16:00

FEBRUAR

- 5. keng Versammlung (Formation Chefs)
- 12. Keng Versammlung (Formation Chefs)
- 19. keng Versammlung --> Vakanz
- 26. keng Versammlung --> Vakanz

MÄRZ

- 5. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 12. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 19. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 26. Beaverversammlung 14:00-16:00



Beaverklack

Lena & Nora & Maiti

Programm Meute

De Meute - Programm



Dezember

3	Kleeschen	
4	<i>keng Versammlung</i>	<i>(Rover-We fir d'Cheffen)</i>
11	Versammlung	14:00 - 16:00
18-20	Chrëschtcamp	
25	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>

Januar

1	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>
8	Versammlung	14:00 - 16:00
15	Versammlung	14:00 - 16:00
22	Schwamm-Sortie	
28	Assemblée Générale	19:30 -
29	Versammlung	14:00 - 16:00

Februar

5	Versammlung	
12-13	Fuesweekend	
19	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>
26	<i>keng Versammlung</i>	<i>Vakanz</i>

März

5	Versammlung	14:00 - 16:00
12	Versammlung	14:00 - 16:00
13	Gala	
19	Versammlung	14:00 - 16:00
26	Sortie	

Deng Meutecheffen: Chouette / Tahr / Sophie / Prunelle / Claude / Charles

Programm Troupe

DEZEMBER

- 3. Kleeschen
- 4.-5. keng Versammlung --> Rover-Weekend
- 11. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 18.-20. KRËSCHTCAMP mat den Explorer
- 25. keng Versammlung --> Vakanz & Krëschtdaach

JANUAR

- 1. keng Versammlung --> Vakanz
- 8. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 15. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 22. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 28. ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LIONS BLEUS
- 29. Truppenversammlung 14:00-16:00

FEBRUAR

- 5. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 12. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 18.-27. TECHUANA

MÄRZ

- 5. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 12. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 13. GALA
- 19. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 26. Truppenversammlung 14:00-16:00

ABRËLL

- 2. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 9. keng Versammlung --> Vakanz
- 15.-17. INTERTRUPPEN-OUSCHTERCAMP
mat den Dippëcher Dachsen &
Echternocher Quachlécken
- 22. keng Versammlung --> Vakanz
- 30. Keng Versammlung --> Rover-Weekend



Lex / Christophe / Mauro & Tamia

Programm Explorer



Dezember

3.	Kleeschen am Home LBB	Souche
4.	Keng Versammlung	
4.-5.	Roverweekend	?
18.-20.	Interbranchekreschtcamp	Souche

Januar

08.-09.	Explorerraid	?
15.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00
22.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00
29.-30.	Schaffweekend	08:00 - 17:00

Februar

5.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00
12.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00
18.-27.	Techuana	?

März

5.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00
12.	Preparation Gala	08:00 - 17:00
13.	Gala	?
19.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00
26.	Explorerversammlung	14:00 - 16:00



Dest Jor am Juli haaten d'Wellefcher e besonnesche Camp: De FEWECA 2010.

FEWECA heescht FEderale WELLEfchers Camp. Des Kéier wor d' Thema vum Feweca „Natur an Emwelt“.

Den 18. Juli hu sech dunn zu Scheffleng 136 Wellefcher a Cheffen getraff an zesummen während enger Woch vill flott Saachen erliewt. Vun de Lions Bleus haate 15 Wellefcher deelgeholl. 4 vun hinnen hun hei fir iech de Rapport vum Camp zesummegeallt.

FEWECA, der erste Tag.

Am ersten Tag haben sich sehr viele Wellefcher und Cheffen auf der Gare getroffen. Dann sind wir zuerst in den falschen Zug gestiegen und als wir dann im richtigen Zug waren machten wir schon ein wenig Bekanntschaft mit den Echternacher Quachleken. Als wir in Schifflingen ankamen mussten wir auf den Türen der Zimmer kucken wo „Souscamp Blau“ stand. Im Zimmer bekamen wir die Camp-Foulars. Es gab auch noch Souscamp Rot, Orange, Grün und Braun. Ein Souscamp ist eine Gruppe die aus drei verschiedenen Scouts Gruppen besteht. Der Souscamp Blau sollte Wasser darstellen, Rot sollte Feuer darstellen und Orange stellte Luft dar, Grün waren die Pflanzen und Braun der Boden. Wir waren in unserem Souscamp mit den Echternacher Quachleken und den Steinforter Deckelsmouken.

Unser Zimmer war toll und es hingen viele blaue Tücher dort und überall große blaue Wassertropfen aus Papier. Die Cheffen schliefen im Gang.

Dann gingen wir nach Draußen, um uns eine Klammer mit einem Tropfen und unserem Namen zu basteln. Diese Klammer machten wir an unseren Campfoulard, damit die anderen uns schneller kennenlernen. Wir machten auch ein Spiel, um uns kennen zu lernen.

Jeder Souscamp hatte ein Zelt mit Tischen zum Essen. Nach dem Abendessen fand eine kleine Theateraufführung statt, bei der wir 5 Aufgaben lösen mussten.

Danach gingen wir schlafen.

FEWECA, der zweite Tag.

Am nächsten Morgen sind wir früh aufgestanden um nach dem Essen den Bus zu kriegen. Bei der Bushaltstelle bekam der erste den Maillot jaune, das war eine Unterhose mit Hosenträger und ein rosa Federschal. Den Maillot jaune bekam man, wenn einem ein Missgeschick passierte. Mit dem Bus sind wir zu dem Minettkompost gefahren. Als wir ankamen teilten sie uns in 2 Gruppen. Die eine Gruppe ging in den Garten und die andere zum Kompost. Danach tauschten wir. Im



Garten machten wir Spiele und aßen Johannisbeeren und weiße Karotten.

Beim Kompost bekamen wir zuerst alles erklärt und dann gingen wir in die verschiedenen Hallen wo der Kompost sich zersetzt. Danach gingen wir weiter zu einer Wiese, wo wir picknickten. Nach dem Essen wurden wir in unsere Campsizainen eingeteilt. Sie hatten alle Namen von Wassermarken. Dann kam ein Mann, mit dem wir an der Alzette vorbei gingen und er erzählte uns auch über den Fluss.

Dann machten wir Spiele mit Fotos von Tieren. Am Abend machten wir mit Souscamp Grün zusammen ein Aufgabenspiel. Das war sehr toll. Dann gingen wir zu Bett.





FEWECA, der dritte Tag

Morgens nach dem Frühstück machten wir den Erste Hilfe Badge. Wir gingen durch den Wald und dort lernten wir auf verschiedenen Posten alles über den Erste Hilfe Badge. Nach dem Mittagessen fahren wir mit dem Bus nach Esch. Dort besuchten wir die „Escher Pompjeen“. Die Feuerwehrmänner zeigten uns alle ihre Wagen, die je nach Zweck ganz verschieden waren. Das war toll, aber das allertollste war dass zum Schluss jeder einmal mit dem grossen Schlauch spritzen durfte und die anderen Kinder dabei unter dem Wasser hindurch laufen durften. Natürlich waren wir nachher alle plitschnass, aber das machte nichts bei dem warmen Wetter. Abends nach dem Essen hatten wir noch einen Quizabend, wo alle Sizainen gegeneinander antraten. Das war ein toller Tag

De 5. Dag

Den Donneschden si mer opgestan an duerno hu mer giess. Moies hu mer Spiller gemaach an den Optrëtt geübt, e puer hunn och nach de Sportlerbadge gemaach. Nodeems mer fir de Mëtten giess haten, si mer mam Zuch op Beeteburg gefuer a mir si schwamme gaang. Mir hu gespilt, sinn op der Rutsch gerutscht an hun de

Schwëmmerbadge gemaach. Owes ass nach den Imker komm, mir hun iwwert d'Beien geschwaat an hien huet eis Beiestäck gewisen, an duerno hu mer gebroden Äppel giess.



De 6. Dag

De Moien si mer um 7.00 opgestan. An dann si mer iessen gaang. Et gouf Salami, Kéis an Chocki.

Dann hu mer eise Schloofsak a Rucksak agepaakt. Eng véirel Stonn spéider, hu mer vir d'Oofschloss-Veillée geübt.

Dann hu mer de Bus geholl, fir bei d'Schëfflenger Pompjeën ze goen. Do hu se hiert Material an Pompjeesautoen gewisen. Mer sinn dono mam Pompjeesauto gefuer. Wou jiddereen dru war, hu se di grouss Leeder opgemaach.

D'Pompjeën hunn ons mam groussen Schlauch naass gemaach. Mer konnten och de Jet dirigéieren. Dat huet eis vill Freed gemaach!

Während der Veillée hate mer Acrobatiën gemaach. Et gouf 3 Gruppen:

Waasserdrëpsen, Feier, Bulli. D'Lions Bleus (mer) waren am Waasserdrëpsengroup.

De läschten Dag

Nom Kaffi hu mer all eis Saachen zesumme gepaakt an de ganze Camp huet sech nach eng kéier zesumme fonnt fir eng Chaine des Adieux ze maachen.

Domat war offiziell de FeWeCa 2010 eriwwer a mir hun eis gudd gelaunt op de Wee fir heem gemaach.

Desen Rapport gouf geschriwwen vum Sarah Simonis, Charel Simonis, Ruben Wiltgen, Harry Lamamra.



Rapport Gruppeversammlung

Nach einer langen Sommerpause trafen sich alle Mitglieder der Lions Bleus dieses Jahr am 18. September um 14 Uhr bei der „Gëllen Fraa“. Als alle angekommen waren machten wir einen Carré uns die Chefs begrüßten und uns erklärten was wir tun sollten.

Wir machten uns zusammen auf den Weg in den Zentrum der Oberstadt wo wir ein Gruppenfoto zu machen.

Danach wurden wir in Gruppen eingeteilt und gingen schließlich los. Unser Ziel war es verschiedene Aufgaben zu lösen. Für jede gelöste Aufgabe gab es einen Hinweis. Mit diesen Hinweisen mussten wir den „Mr. X“ finden. Laut der Geschichte war er ein neuer Pfadfinder und wollte unbedingt seinen „Foulard“ bekommen. Leider war er sehr ungeduldig und stahl so den „Foulard“ von Lex. Eine von vielen Aufgaben die wir hatten war, im Mc Donalds nach den Preisen von verschiedenen festgelegten Menüs herauszufinden und sie aufzuschreiben. Eine andere war dass wir Passanten fragen mussten um Fotos zu schießen in denen wir ihnen einen Heiratsantrag machten. Wir mussten auch im H&M die Länge von der Umkleidekabine bis zur Kasse messen...das klappte allerdings nicht... Als dann eine Gruppe „Mr. X“ fand, versammelten wir uns wieder auf dem Zentralplatz, wo das Spiel aufgeklärt wurde. Mister „X“ hatte einen Hut, ein Hemd und blaue Schuhe an, trug einen Regenschirm und eine orangene Tasche mit sich, die wir als Indizien herausfinden mussten. Damit war die Gruppenversammlung auch schon beendet und wir gingen wieder zusammen zurück zur „Gëllen Fraa“, wo wir noch das Abschiedslied sangen und anschliessend nach hause fuhren.
Drago



MONTÉE den 2.-3.Oktober 2010

Den 1.Daag op der Montée hun mir een Trajet vum Home bis op dräi Eechelen gemaach. Mir haaten eis verlaaf an missten ënnert een deck witzegt Gebai goën an den Drago kruut nees eng Laachkrise. Den Trajet war zwar laang awer cool. Nom Trajet hun mir giess an dono wéi ëmmer gespult. Nom Spullen hun mir eis färdeggemaach an hun eis op den Wee gemaach fir d'Montée fiirzebereeden. Nodeem d'Montée fiirbereet war, hun s'ech d'Wëllefcher och op den Wee gemaach. Den Ruben, Justin, Max, Sarah an Joachim sinn lo an der Trupp. D'Montée wor wéi all Joër cool an d'Wieder wor och perfekt fir d'Montée.

Moies sinn mer erwächt ginn, hun eisen Rucksack gepaack, den Dortoir geraumt an sinn erof iessen gang. Nom lessen sinn mir opgedeelt ginn fir den Home ze botzen. Jiddereen ass dann mat engem Chef séng Charge maachen gang. Dat huet awer n'et laang gedauert, bis kuerz virun der Mëttesstonn. Mëttes virum grillen hun mir ons nach e bëssen beim Feier beschäftegt, dun gouf et och schon z'iessen. Nom lessen hun mir dann all zesummen dobaussen op der Wiss eppes ënnerholl oder hun eis individuell beschäftegt. Den Week-End haat dann och gläich säin Enn. Den letzten Carré ass gepaff ginn an mir hun nach e bëssen iwver den Camp geschwaat. Dun ass d'Chaine des adieux gesong ginn an mir konnten eis Rucksack huelen an heem goën.

Sam Schmit & Lemoine Samuel



Rapport Viiz-Weekend

Rapport Viizweekend beim Chouch

1. Daag

Mir hun eis moies den 17. Oktober beim Home getraff an sinn op eng Wiss gefuer. Do missten mer dann den ganzen moien laang Äppel raafen. Baal an all Aapel war en Wuerm dran oder souguer e Schleck. Dat war eecklech.

Mëttes sinn mer bei den Grizzlie gaang an do kruuten mer Baguette z'essen an e waarmen Bouillon fir eis opzewiermen. Nom Essen sinn mer nees op eng aner Wiss gefuer an hun do weider Äppel geraaf.

Owes sinn mer bei den Chouch op Fluesweiler gefuer, wou mer eis installéiert hun an dono gouf et Chili con carne. Nom Owesiessen hun mir d'Chargen gemaach an déi zukünfteg Explorer (Nicolas, Ludovic, Raphael, Breeze & Vanda) sinn op hier Montée gaangen. Mir hun hinnen Eddi gesoot an hun eis dun färgedgemaach fir op Nuetsspill. Op dësem hun mer missen probéieren d'Faackelen auszemaachen. Nom Nuetsspill sinn mer nees zerëckgaang bei dem Chouch säin Haus, an an der Garage hun mer dun nach e bësselchen d'Montée vun deenen neien Scouten gefeiert mat engem Glas Cola & Chips.

Nom gemiddlechen Owend sinn mer dun schloofen gaang an hun nach bessi am Schloofsaack geschwaat, an daat huet dem Lex nët gefall. Hien huet eis gedoën am Pyjama duech d'Géigend ze laafen. Dono woren mer bëssen méi roueg, midd an sinn dun angeschloof. Catherine

2. Daach

Um 2. Daach vum Fietzweekend sinn mir mol erwäsch ginn. Mir haaten genuch Zäit fir eis färdeg ze man, trotzdem sinn ech dann als letzten op den Dësch komm :), dun hun mer Schmieren giess. Nom Essen gouf nach schnell gespult an mir hun eis Rucksäck an den Unhänger gedroën. Wou jiddereen säin Rucksäck oofgeluecht haat, sinn den Lex an den Christophe mat eis op d'Spillplazt gaangen, Pinguin op der Eisscholl spillen. Awer daat nët fir laang, well mer dun mat den Atelierien ugefaangen hun. Hei missten mer Äppel wäschen, Äppelbeignet'en maachen, Äppel hexelen, Fietz anfëllen, Äppel pressen an mam Vanda & Breeze Äppeltaart baacken.

Moies hun d'Beaver mat eis d'Atelieen gemaach an mëttes nom Mëttesiessen hun d'Wëllefcher mat eis d'Atelieen gemaach. (Währenddeems hun ech awer d'Beaver op hierem "Äppeltrajet" begleet)

Fir den Week-End oofzeschlëssen, hunn mir eng Chaîne des adieux gemaach. An dun gouf et selwergebaacken Äppeltaart (vun eis), Fietz an Äppelbeigneen fir d'Elteren. Ier mer heemgefuert sinn, konnt jiddereen nach 2 Fläschchen frëschgepressten Fietz mat heemhuelen, yamiyami... Pitt



Rapport Viiz-Weekend

Rapport Viizweekend beim Chouch

Mir (scouten and explorer) hun ais beim Home den samsten getraff. Alles fir den camp gouf and autoen/camionette agepaackt. Mir sin dan bis bei den Grisli sein doheem gefuer an sin dan äppel raaffen gaangen. Mir waaren insgesamt op drei plaatzen äppel raaffen. Als eischten sin mir an dei aller noherst platz gaangen. Do hun mir dan äppel fum buedem and eemeren geleet/geheit. Et war nach kaal sou dat hän gefreiert hun wan mier äppel geraaf hun. Do sin mir net laang gebliwen et woren nemmen 6-7 kleng beem.

Zweet platz wär bessen mei wäit dofir sin mir dohin erem mat den autoen gefuer. Do wären dann dei grous Beem. als eischt hun mier äppel fum buedem geraaf dann e puer beechen drenner geställt an den baam mat enger laanger schweierer staang gereselt. Äpple sin dan wei reen eroof gefaalen. Fun den baachen wär et dan einfach se zu plekken. Mat shubkarren an eemeren gouffen se dann and remorque geleet. Den metten sin mir zereck bei den Grisli Sandwichen iessen gefuehr.

Dann nom iessen sin mier beid dret platz defuehr wäat foller Köyscheiss wär. Do wären ganz fill beem an motivation fun verschidden leit wär schon focht. Herno wan mir bääl 2 voll remorken hätten sin mir bei den Chouch gefuehr. Den noowend hun mir nach e bessen monte gefeiert. Explorer hun den nuecht am Materialsschapp geschloof and Scouten & Cheffen dobannen.

Den nächsten daach hun mir dan moies giess an dann wären Wellefscher & Beaveren schon do. Wellefcher gouffen an Gruppen gedeelt dei en Piss possten maachten. De wee as renderem Stadt gaangen an ennerwee waren possten mat verschidden aktiviteiten mat äppel. Erem do hun mir dann Viz gemacht. Eischt gouffen äppel gewäsch dann mat der shubkar bei den mörtler gebuecht. Wann et an en brei gemacht war gouf den äppelbrei and press eran geluescht an gepresst. Beaver, Wellefcher, Scouten an Explorer hun des possten gemacht. Et gouf awer och en possten fir äppelbeignets ze schmaachen an ääppel am uewen ze bäcken.

Elteren sin dann den nometten gekom an konnten äppel beignets, äppel-täart an verschidden kichelcher schmaachen. Dät wichtest wär awer daat jiddereen och 2 flechen freschen viz mat heem krut. Jiddereen krut op de kapp 3l ongefeier. Nach mei kann denn (nach emmer) beim Home kaaffen. (Den recht fun den äppel gouf bei eng firma dan gebuecht dei dann mei bellech viz gin hun.)

Nicolas Piron

Produktion

+/- 200 Fläschen Viiz = 300 Liter

+/- 120 Liter Viiz an Bidon'en

5 Äppeltaarten

10 Portiounen Äppelbeignets fir +/-100 Léit

50 Äppel am Schäffchen

+/- 150 Glieser Quiddengelee

Den Rescht geraafenen Äppel goufen nach emol

zu +/-1'000 Liter Viiz pressen gelooss!

Flott Zuelen:

SA 36 Léit (SG/EX/RO)

SO 75 Léit (BV/LX/SG/EX/RO)

2 Unhänger voll mat Äppel +/-2'500kg

80 kg Quidden



Rapport Hexecamp Beaver

Rapport Hexecamp rum 4-5/11/2010

Um 3 Auer huet d'Hexeninternat „ Dreifiels“ zu Bouneweeg seng Dieren opgemaach, an d'Hexenazubien gouffen vun hieren 3 Hexenmeeschterinnen empfaangen. Nodeems mer eis alleguerten am Dortoir installeiert hu nass et och schon lassgaangen. D'zukünfteg Hexen an Zauberer hun sech op den Wee gemaach fier verschidden Hexenprüfungen ze bestoen. Ennert aanerem missten se beweisen dass se konnten op hierem Biesen fleien an en Zaubertrank zesammenbrauen. Zreck beim Home kruuten mer dunn nach interessant Saachen gezielt iwwer Hexerei, an missten dunn och verschidden Saachen sichen goen fier en Zaubertrank zessumenzebrauen. Schlussendlech gouff et dunn och ze iessen, nämlech gudd Wirschtecher mat leckerem Puré. Nom Botzen an Spullen misst dunn jidereen sech fierbereeden fier den Empfang vum Hexenmeeschter. Dofier hun mier alleguer eis scheinsten Hexenuniform aus dem Schaaf gekroomt. Wie den Hexenmeeschter dunn endlech do waar missten d'Kanner alleguer nach eng kleng Prüfung meeschteren eier se dunn hieren Hexendiplom vum Hexenmeeschter iwwereecht kruuten. Well et dunn och schon speit waar sinn mer och schon schloofen gaangen nodeems mer nach eng Geschoht fiergelies hunn.

Die nei Hexen an Zauberer huet schon moies um 7 neischt mei an hieren Better gehaal. Also sinn mer dunn opgestaan hun e bessen Frühsport gemaach eis gewäsch an dunn schliesslech giess. Well et och schon den leschten Daag am Internat waar hun mer dunn schon all missten eisen Rucksack packen. Nodeems dest erledegt waar hun mer eng kleng Hex gebastelt, an dunn hun mer alleguer zesammen eng mega gudd Pizza gemaach die och jiderengem ganz gudd geschmaacht huet. Vu que dass et nom Spullen an botzen shon 3 Auer wor, gouffen ies kleng Hexen an Zauberer och schon fun hieren Elteren oofgeholl an sinn heemgaangen. Nora

Rapport Féiercamp Scouten

Rapport Féiercamp rum 30-31/10/2010

1Daag

Für den Allerheiligenweekend von der Troupe mussten wir uns Samstag den 30.Oktober um 8:30 in der Gare Centrale de Luxemburg treffen. Zuerst mussten wir einen Brief finden wo drin stand was wir tun sollten. Wir fanden ihn und auf dem Zettel stand: ihr müsst nach Dudelange mit dem Zug fahren. Also fuhren wir dorthin. Dort angekommen trafen wir den Chef Mauro. Er sagte dass der Brief n.2 irgendwo hier in der Nähe ist. Als der Brief gefunden war, zeigte es uns eine Position wo wir hingehen mussten. Wir gingen durch den Wald. Nach 3 km waren wir schon erschöpft und hungrig. Endlich kamen wir an der Kreuzung an und suchten nach dem 3ten Brief. Auf ihm stand: „Mittagspause“, aber wir sahen niemanden. Wir riefen Lex an weil wir nicht wussten was wir tun sollten. Er sagte dass sie gleich mit dem Essen kommen und dass wir früher ankommen sind als geplant. Als sie ankamen aßen wir und machten uns danach wieder auf den Weg. Aber auf der Suche nach dem 4ten Brief hatten wir Probleme. Wir hatten uns verlaufen und haben daraufhin Leute gefragt, aber viel hat es nicht geholfen. Wir sind km weit gegangen und hatten immer noch kein Erfolg. Dann als wir auf einen Hügel waren sahen wir eine Stadt. Wir liefen den Hügel herunter und gingen zu dieser hinunter. Angekommen fragten wir Leute wo wir sind und sie sagten uns wo wir sind. Wie es sich herausgestellt hat waren wir nah wo der Brief war. Wir suchten überall, aber wir fanden nichts. Als es 18:30 war riefen wir Lex an und er sagte dass wir zurückfahren sollen nach Bonnevoie. Bei unserm Home in der Stadt angekommen mussten wir nach draussen. Da war ein Feuer. wir aßen Chili und spielten ein Nachtspiel wo wir Fackeln anzünden mussten, um zu gewinnen. Am Ende aßen wir noch Marshmallows über dem Feuer und gingen danach zu den Schlafzimmern zum schlafen. Justin

2.Daag

Den zweeten Dach ass gudd lassgaang, wou mir vun den Cheffen um 8:00Auer erwäscht ginn sinn mat enger Feieralarmsimulation. Mir sinn dann mat e bëssen Verspéidung op den I essdësch komm an hunn zesammen fir Moies giess. Duerno sinn mir obgedeelt ginn an zwou Gruppen an sinn op déi zwee Posten gaangen. Den éischten Posten war mam Claude an Sophie. Sie hunn Kerzen geschmolt an hunn eis erklärt dass en Fixspoun besser brennt mat Kerzenwuess als normal. Doropshin konnten mir der puer machen an mathuelen. Den zweeten Posten war mam Mauro. Hien huet eis gewisen wéi en kann am beschten en Feier un- an aus-machen. Dono konnten mir et selwer probéieren, waat guer nët esou liicht war. Wéi ët lues an lues mëtteg gouf hunn mir Dëscher an alles opericht an duerno Gegrilltes giess. Nom gudden Mettegiessen sinn mir erëm obgedeelt ginn fir ze spullen, ze botzen an an der Anfahrt d' Blieder ewegzekieren. Dei letzt Stonn hunn mir dann Spiller gespilt wéi „Englech Bulldog“, an als gudder letzt hunn mir d` Abschiedslidd gesungen an sinn dun mat frouer Minn Heem gang. Adrien

Dem LIB séng Säit Dem LIB séng Säit



Moiën dir kleng blo Léiwen,
 Ech hun mer geduecht elo sou kuerz virun Krëschtdaach kéint ech
 lersch jo mol e flotten Krëschtsoduko ze léisen ginn. Sou komm der
 lues an lues an Krëschtstëmmung.
 Dësen speziellen Soduko funktionnéiert genee wéi en normalen
 Soduko, just eben mat Biller. (All Bild dierf nëmmen emol vertikal,
 horizontal an am kl.Quadrat ze fannen sinn)
 Ech wënschen lersch vill Spaass, schéin Krëschtdeeg an e gudden Rutsch
 an d'Joër 2011...



WANDROUS NEWS Wandrous News

Kalenner 2011

Jo en as **elo do**, den néien FNEL's Kalenner fir d'Joër 2011. E wichteg Stéck, daat an all Haus net fehlen dierf. Praktësch as en och nach dobéi wëll dier kënnst lech all Lions Bleus Datumer héi dran vermieren wéi och är Privat.

Wou krid en daat gud Stéck, natirlech am Lions Bleus Shop fir ganzer 5 €

Das mer net drop sëtze bléiwen gin et just 80 Lions Bleus exemplairen. Dofir réservier dir déi Kalenner schons.



20ten Gala

Réserveriert lech schons den Datum fum 13. März 2011 fir e gemütlëchen no-mëtteg mat der Famille, Kollegen, Rover, Amicale oder Scoutskollegen am Home fun de Lions Bleus ze verbréngen. De Menu an d'Souche fum Gala fander an der nächster Editioun Wandrous.

Cotisation 2011 Cotisation 2011

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un (WOW) Wi all Joër ass d'Cotisation vir all d'Member vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sin **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.

Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Activitéiten vun den Lions Bleus délzehuelen
- d'WANDROUS hémgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance di aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Vir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaz an der WANDROUS mat Rapellen versauen, den Dierwiechter bei di verschidden Leit schécken di nët oder ze spët iwwerweisen, oder soss opweneg juristesch Schrëtter ënnerhuelen ass all Member gebieden seng Cotisation soubal ze iwwerweisen wi dat d'Memberskaart ukennt.

Well mir jo Scouten sin, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zéchen vun guddem Wëllen d'Memberskaart vir d'Joër 2011 zou, ieren dat bezuelt ass.

Dofir ass et elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat Deng Memberskaart esou séier wi méiglech bezuelt get.

Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

Verkaaf Viz

360 Fläschen gepressten, agekachten Viz (Haltbarkeet bis 2 Joër) waarden op en Abnehmer.

Dir kënt äre Viz op folgender e-mail Adresse réservéieren: viz@lionsbleus.lu. Oder Samstes no der Versammlung direkt op der Plaaz kaafen.

Avis aux amateurs!!!



1 cajot
8,5 €, dovun
2,4€ vidange

2 cajots
16 €, dovun
4,8€ vidange



"Den Vidange kënn der am Cactus oofginn"

LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

11/12/2010 - 22/01/2011 - 29/01/2011 - 12/02/2011 - 12/03/2011 - 26/03/2011 - 2/04/2011

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel 
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:30 - 19:30

- 09/12/2010 - 03/03/2011
- 13/01/2011 - 17/03/2011
- 10/02/2011 - 31/03/2011

ALLGEMENG Datumer:

07/12/2010	Pot de fin d'année am QG	29/01/2011	Wëldiessen um Misärshaff
13/12/2010	Pose 1ère pierre nouv.Quartier gén.	4-6/02/2011	Tronc commun 2
22/12/2010	Rover B.A. - Stëmm vun der Strooss	12-13/02/11	Beaverformatioun
8-9/01/2011	Explorer-Rover Raid	17/02/2011	Réunion semestrielle
21-23/01/11	Tronc commun 1	2-3/04/2011	Bosses & Bobos

QUARTIER GÉNÉRAL news:

Pose de la première pierre, den 13.Dezember 2010 fir eisen neien Quartier général um Fetschenhaff.

FNEL Kalenner 2011:

Sinn frësch aus der Dréckerei! D'Gruppen kënnen dës elo un hier Memberen an Frënn verkaafen.

VISITE vum Sekretär général vum Weltverband:

Den Luc PANISSOD wor vum 22.-23.Oktober 2010 hei zu Land an huet während sénger visite verschiddenes wéi Chambre des Députés, Centre de formation "Misärshaff", Scoutsaktivitéiten bei den Mamer Wiselen an den chantier vum neien Quartier général um Fetschenhaff besicht.

Am Moment zielt d'Scoutsmouvement weltwäit 32 Milliounen Scouten (Meedercher & Jongen) an 151 Länner, dovunner sinn 3 Milliounen Bénévol'en.

ECOCABANE:

Ufank November gouf ugefaangen mam Opbau vun eiser Ecocabane um Misärshaff.

et schengt

et schengt

- 01) wei wann virun engem Joër verschidden Saachen op der Montéesplaaaz verluer gaangen wieren
- 02) wei wann eng Verännerung am Home komm wier
- 03) wann d'Maiti wéineg Inspiratioun hätt fir en et schéngt ze schreiwen
- 04) wei wann Dokteren nach ëmmer géingen streiken
- 05) wei wann mer gläich zukünfteg Käch an der Meute hätten
- 06) wei wann d'Lougaroux-Spill en zimlecht beléiwt Spill wier
- 07) wei wann op der "Mëttel-Formatioun" et den Kandidaten kaal ginn wier an sie wollten en "klengt Feier" maachen
- 08) wei wann eis Scouten um Allerhelgenweekend en Allez-Retour vun engem Daach an d'Minette gemaach hätten
- 09) wei wann dësen zu letzt genannten Traget zu Diddeleng gewiercht wier
- 10) wei wann d'Wëllef dës Kéier op der Aispist nët esou halsbriecheresch gefuer si wéi d'läscht Joer
- 11) wei wann elo demnächst soll Schnéi faalen
- 12) wei wann d'Scheefercher nach gött
- 13) wei wann den dëcke Bier zu Grolenster géif wunnen
- 14) wei wann et nei wir dat Memberen vun de Lions Bleus eng Memberskaart gescheckt kreichen
- 15) wei wann 3 klëng Scheefercher béi de grouse Mammut an d'Schoul op Tréier gaangen sin
- 16) wei wann Tortue grogneuse d'Wandrousredaktioun besiche komm as
- 17) wei wann Beaver Cheffen Angscht am Deischeren hätten
- 18) wei wann d'Scouten onerkannt Schlittschong fueren wollten
- 19) wei wann d'Home erëm eng "mise a jour" krut huert
- 20) wei wann d'Infrastructures an der "rue de Pulvermühlen" géife néi gemaat gin

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wei wann dei dëst Joër op der selweschter Plaaaz vermuuscht rëmfonnt ginn sinn
- 02) wei wann d'Colonie an d'Meute elo getrennten Säll hätten
- 03) sou mee et fënnt tatsächleg näischt
- 04) sou, well se hiewen mol nach keen Telefon ob
- 05) dass an der Versammlung gudd giess gouf
- 06) wei wann daat lo schon all owes op der Formation gespillt géif ginn
- 07) dass dest klengt Feier keen klengt Feier méi war, mee éischer en Signalféier fir d'Schëffer unzezéien, waat awer den Kandidaten nach ëmmer ze kleng war
- 08) dass se des Géigend anscheinend nach nët genuch giffen kennen an dowéinst e puer Weër gär zweemol giffen goën
- 09) wei wann déi jonk, näiv an awer héisch trëppelmotiveiert Scouten gemengt hun zu lechternach ze sin (d'Land ass eben méi kleng wéi een denkt)
- 10) wei wann dofir awer e vun de Chaffen dat mat engem äusserst spektakuläre Plongeon opweie konnt
- 11) wei wa mer daat eenzeg an eleng de Wëllef ze verdanken hätten well si am November der Aiskinigin immens aus der Patsch gehollef hun
- 12) wei wann se awer këng 300 Deeg op enger Insel kéinten aushaalen
- 13) wei wann d'Explorer hier Peilung um Trajet 180° an dei falsch Richtung gemat hätten
- 14) wei wann e Scoutschef dat op da Eltereversammlung fierteicht gewuer gin as
- 15) wei wann déi 3 Scheefercher nach lang an d'Schoul mussen goen fir daat nozemaachen waat de grouse Mammut hinnen wëll béibrëngen
- 16) wei wann déi gewëssen Discipline géif fehlen fir Rapporten, d'Souchen an ... mat d'Zäiten eran ze schécken
- 17) net nemmen wei wann se d'Beaver als Beschützer benotzen geifen
- 18) wei wann een dowéinst den Foulard mol doheem léist
- 19) das no laangem waarden ëndlech ons T60 Trennschiebedier färdeg wier an dobéi nach gutt géif ausgesin
- 20) wei wann een den Responsablen fum Chantier misst nolaafen fir hinnen och daat richtig Laach am Home ze wéisen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D' Wandrous no 330 as zesammengesaatgin a fortgeschéckt gin: Sophie, Claude, Nora, Maiti, Christophe, Lex a Chouette

Un der WANDROUS N°331 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Sarah a Charel Simonis / Ruben Wiltgen / Harry Lamamra / Drago / Sam Schmit / Samuel Lemoine / Catherine / Pitt / Nicolas Piron / Nora / Justin / Adrien / Eyra / Kodiak / Tamia / Fennec an d'Lëckschwäin

Programm Wandrouis

De Wandrouis Programm

dezember'10		januar'11		februar'11	
Me 1	Permanence	Sa 1	VAKANZ keng Versammlungen	De 1	
Do 2		So 2		Me 2	Permanence
Fr 3	KLEESCHEN	Me 3		Do 3	
Sa 4	RO-WEEKEND keng Versammlungen	De 4		Fr 4	
So 5	RO-WEEKEND	Me 5	Permanence	Sa 5	Beaver/Meute/Patrull/Explorer
Me 6		Do 6		So 6	
De 7	FNEL Pot de fin d'année	Fr 7		Me 7	
Me 8	COGRA	Sa 8	Beaver/Meute/Trupp EXPLORER-ROVER Raid	De 8	
Do 9	FNEL-Shop 17:30-19:30	So 9	EXPLORER-ROVER Raid	Me 9	Permanence
Fr 10		Me 10		Do 10	FNEL-Shop 17:30-19:30
Sa 11	Beaver/Meute/Patrull/Explorer LBB-Shop 15:45-16:15	De 11		Fr 11	
So 12		Me 12	Permanence	Sa 12	Beaver/Trupp/Explorer FUESWEEKEND MEUTE LBB-Shop 15:45-16:15
Me 13		Do 13	FNEL-Shop 17:30-19:30	So 13	FUESWEEKEND MEUTE
De 14	Komité	Fr 14		Me 14	
Me 15	Permanence & Elterenver- sammlung TECHUANA 19h15	Sa 15	Beaver/Meute/Patrull/Explorer	De 15	Komité
Do 16		So 16		Me 16	Permanence
Fr 17		Me 17		Do 17	FNEL Réunion semestrielle
Sa 18	BEAVER / WELLEF Camp TRUPPEN-EXPLORER Camp	De 18	Komité	Fr 18	Départ TECHUANA 19h00
So 19	BEAVER / WELLEF Camp TRUPPEN-EXPLORER Camp	Me 19	Permanence	Sa 19	TECHUANA
Me 20	BEAVER / WELLEF Camp TRUPPEN-EXPLORER Camp	Do 20		So 20	TECHUANA
De 21		Fr 21	Wandrouiseinsendeschluss	Me 21	TECHUANA
Me 22		Sa 22	Patrull/Explorer BEAVER+MEUTE SORTIE LBB-Shop 15:45-16:15	De 22	TECHUANA
Do 23		So 23		Me 23	TECHUANA
Fr 24		Me 24		Do 24	TECHUANA
Sa 25	VAKANZ keng Versammlungen	De 25		Fr 25	TECHUANA
So 26		Me 26	Permanence	Sa 26	TECHUANA
Me 27		Do 27		So 27	Fin TECHUANA 11h00
De 28		Fr 28	ASSEMBLEE GENERALE LBB Wandrouisredaktionsschluss	Me 28	
Me 29		Sa 29	Beaver/Meute/Trupp LBB-Shop 15:45-16:15		
Do 30		So 30			
Fr 31		Me 31			

Allerläscht Wandrouns - Sait

www.lionsbleus.lu



fnel
scouts & guides



* THAT'S ALL FOLKS

